**MENG AUSBILDUNG, MENG PASSIOUN**



# DAP SOZIO-PEDAGOGESCHEN AGENT

# DAP AGENT SOCIO-PÉDAGOGIQUE





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# DAP SOZIO-PEDAGOGESCHEN AGENT

**Du kanns gutt mat Kanner ëmgoen? Du kanns dech a Kanner eraversetzen a verstees hir Besoinen? Du sichs eng Beruffsausbildung mat vill praktescher Erfarung a schaffs gären an enger Ekipp?**

**DANN ASS D'FORMATIOUN DAP VUM SOZIO-PEDAGOGESCHEN AGENT DAT RICHTEGT FIR DECH!**

---

Viraussetzung ass eng gepackte 5e an den Accès op den DAP Kategorie A.

D'Beruffsausbildung dauert dräi Joer a fënnt Vollzäit an der Schoul statt. A fënnef Stagë vu véier bis sechs Wochen entdecks du déi praktesch Aarbecht mat Kanner. An der Formation adulte muss du ee Léiervertag an enger Struktur fir Kannerbetreiung hunn. Du gees zwee Deeg pro Woch an d'Schoul a bass dräi Deeg am Ausbildungsbetrib.

Videoen, praktesch Exercicer a Rollespiller hëllefen dir dobäi, Kanner vun den ënnerschiddlechsten Altersgruppen ze observéieren an esou hir Besoinen ze erkennen. Du léiers, Puppelcher douce a verantwortungsvoll ze versuergen, an d'Entwécklung vu (klenge) Kanner ze begleeden. Du bitts de Kanner Geleeënheeten, ze experimentéieren an sech esou ze entfalen. Du handels professionell, bewosst a verantwortungsvoll.

Nom DAP kanns du a Bildungs- a Betreiungsariichtunge schaffen, z. B. a Crèchë fir Kanner vun 0–4 Joer oder Maison-relaise fir Kanner vu 4–12 Joer. Du kanns awer och a Foyere fir Kanner a Jonker schaffen.

# DAP AGENT SOCIO-PÉDAGOGIQUE

**Tu as un bon contact avec les enfants ? Tu aimes t'occuper d'eux et tu es à l'écoute de leurs besoins ? Tu es aussi à la recherche d'une formation professionnelle pratique ? Et tu aimes travailler en équipe ?**

**LA FORMATION DAP DE L'AGENT SOCIO-PÉDAGOGIQUE EST FAITE POUR TOI !**

---

Pour y accéder, tu dois avoir réussi ta 5e et être admissible en formation professionnelle DAP catégorie A.

La formation initiale dure trois ans à plein temps au lycée. Au cœur de cette formation, cinq stages de quatre à six semaines te permettent de découvrir le travail avec les enfants. Pour l'apprentissage pour adultes tu as besoin d'un contrat d'apprentissage dans une structure d'accueil pour enfants. Tu viens deux jours à l'école et passes trois jours dans l'entreprise formatrice.

Grâce à des vidéos, des exercices pratiques et des jeux de rôle, tu apprends à observer des enfants d'âge différents et à reconnaître leurs besoins. Tu découvres comment s'occuper des nourrissons avec douceur, accompagner le développement des (jeunes) enfants et comment contribuer à créer un espace où ils peuvent s'expérimenter librement et ainsi s'épanouir. Tu apprends aussi à agir de manière professionnelle, consciente et responsable.

Après le DAP, tu pourras travailler dans un service d'éducation et d'accueil, comme les crèches pour les 0–4 ans ou les maisons relais pour les 4–12 ans, ou encore dans des foyers pour enfants et adolescents.

## MENG AUSBILDUNG, MENG PASSIOUN

Auf Deutsch:
BLL, EPF, EPMC, EPSA, LN, LGK, MLG, NOSL

En français :
EPSA, LMA, LNB, LTC

Adulte :
ENAD

DE & FR

3 Joer/années

Accès / Zugang

5G / 5AD / 5P